

19. 8381 – Projet de loi portant modification du Code de procédure pénale
p. 30

Rapport de la Commission de la Justice : M. Alex Donnersbach
 Discussion générale : M. Guy Arendt | M. Dan Biancalana | M. Dan Hardy | Mme Sam Tanson
 Prise de position du Gouvernement : Mme Elisabeth Margue, Ministre de la Justice
 Vote sur l'ensemble du projet de loi 8381 et dispense du second vote constitutionnel

20. Ordre du jour (suite)
p. 31

M. Claude Wiseler, Président

Présidence : M. Claude Wiseler, Président ; M. Fernand Etgen, Vice-Président

Au banc du Gouvernement : M. Lex Delles, M. Gilles Roth, M. Léon Gloden, Mme Elisabeth Margue, Ministres

(La séance publique est ouverte à 09.00 heures.)
1. Ouverture de la séance publique
M. Claude Wiseler, Président | Ech maachen d'Setzung op.

2. 8403 – Projet de loi portant règlement du compte général de l'exercice 2023

Ier mir zum Vott iwwert de Staatsbudget fir d'Joer 2025 kommen, musse mer nach fir d'éischt de Projet de loi 8403 iwwert de Compte général vum Exercice 2023 diskutieren an ofstëmmen. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An deemno huet de Rapporteur 10 Minutten, déi eenzel Fraktiounen a Sensibilitéte 5 Minutten, d'Regierung 10 Minutten. An et hu sech schonn ageschriwwen: d'Madamm Stéphanie Weydert, den Här Guy Arendt, d'Madamm Sam Tanson. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Franz Fayot. Här Fayot.

Rapport de la Commission de l'Exécution budgétaire

M. Franz Fayot (LSAP), rapporteur | Merci, Här Präsident. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, Här Minister, zum Budgetexercice gehéiert och ëmmer de Rapport zum Compte général. Mam Budget fir d'Joer 2025 ginn och ënner anerem d'Konten aus dem Joer 2023 clôturéiert. Dat ass ëmmer en Exercice, wou een e gewëssenen Decalage an och Recul huet. Dofir ass et interessant, mam Bléck zréck nach eng Kéier ze kucken, wat do geschitt ass.

Déi gréisst Repercussiounen op d'Budgetskonte fir d'Joer 2023 ginn am Fong nach ëmmer op d'Joer 2022 zréck: Et war de 24. Februar 2022, deem d'Situatioun op der Welt an domadder och hei zu Lëtzebuerg op de Kapp gestallt huet mat der Invasioun vun de Russen an der Ukrain. 2023 war nach ëmmer markéiert vun de Konsequenze vun den héijen Energiepräisser, déi d'Inflatioun a ganz Europa an och zu Lëtzebuerg an d'Luucht schéisse gedoen hunn.

No den Tripartitten aus dem Joer 2022 waren d'Sozialpartner och am Joer 2023 beieneen. Mam Solidaritéitspak 3.0 huet déi viereg Regierung konkret Mesürene ergraff, fir de Leit an de Betriber zur Säit ze stoen.

Um Enn vum leschte Joer gouf hei gewielt. Do ass eng nei Regierung komm. Dofir ass dat hei och dee leschte Kont, deem ech als Member vun der fréierer Regierung an elo als Rapporteur presentéieren an och e bësse kommentéieren.

Bei de Budgetsaarbechte fir d'Joer 2023 ass de Stateg vun engem Wuesstum vun eiser Ekonomie vun 2 % ausgaangen. Duerno ass et awer anescht komm d'Ekonomie huet sech ëm 1,1 % kontraktéiert. Och d'Inflatioun huet net esou evoluéiert, wéi et am Budget 2023 virausgesot war: No de 6,3 % Inflatioun aus dem Joer 2022 gouf et am Joer 2023 eng Baisse erof op e Plus vun 3,7 %. Am Budget war deemools e Plus bei der Inflatioun vun 2,8 % virausgesot ginn. D'Zuele beim

Emploi hu besser evoluéiert: 2,2 % méi Aarbechtsplazen am Joer 2023 amplaz déi virausgesoten 2 %. De Chômage louch am Joer 2023 bei 5,2 % a war domat méi héich wéi am Budget virausgesot, wou dat mat 4,9 % ugesat war.

Komme mer elo zu de Staatskonten. D'Joer 2023 gouf mat engem Defizit vun 1,4 Milliarden Euro clôturéiert. D'Recetté vum Staat hu sech op 25,4 Milliarden Euro belaf. Dat ware ronn 854 Milliounen Euro manner, wéi dat virausgesot war am Budget 2023, en Ënnerschied vu minus 3,25 %. De gréissten Ënnerschied par rapport zum Budget mécht d'Kierperschaftssteuer aus. Hei si 415 Milliounen Euro méi erakomm wéi virausgesot. D'Verméigenssteuer bei de Betriber huet 258 Milliounen Euro méi erabruucht wéi virausgesot. A bei der Akomessteuer vun de Privatpersoune war et e Plus vun 196 Milliounen Euro. D'TVA, déi soss ëmmer de groussen Driver vun de Recetté war an normalerweis ass, gouf beim Opstelle vum Budget mat ronn 284 Milliounen iwwerschatt.

D'Depensé ware méi héich wéi virausgesot: 26,2 Milliarden Euro ware berechent; schlussendlech waren et 26,8 Milliarden Euro, also 2,2 % méi un Depensen. Bei den Acquisitiounen vum Staat um private Marché sinn 138 Milliounen Euro méi wéi ugangs virausgesot ausgi ginn. E Plus vun 98,5 Milliounen Euro waren et bei den Engagementen vum Land bei den internationale Finanzinstitutiounen. Donieft ass och de Fong fir militärescht Ekipement mat 76 Milliounen Euro méi gespeist ginn.

De Budget pour ordre regroupéiert jo traditionell déi öffentlech Gelder, déi de Staat asammelt, fir se un Drëttpersoune weiderzeginn. An deem Budget sollen also déi Sue regroupéiert ginn, déi just duerch d'Staatskeess fléissen, dat sollt also theoreetesch ausgeglach sinn, wat awer och normalerweis net de Fall ass. Och am Joer 2023 ass de Budget pour ordre am Desequillibler. Et fënnt sech hei en Excedent vun 20,5 Milliounen.

Mir sinn der Meenung – an dat ass, mengen ech, och eng traditionell Recommendation vum der Kommissioun –, dass et richtig ass, hei e bëssen opzepassen, dass dësen Desequillibler net ze grouss gëtt, an e wa méiglech och ze reduzéieren. Dofir begrësse mer och d'Annonce vun der Regierung, dass bei der Opstellung vum Budget 2025 dru geschafft ginn ass, d'Unzel un Artikel bei de Recetten an den Depensé pour ordre ze reduzéieren. Donieft gouf jo och an Aussicht gestallt, dass dës Budget pour ordre an Zukunft, deemno wéi, ganz kéint ewechfalen. Dat, mengen ech, wier eng gutt Saach, wann et dann effektiv méiglech ass.

Wat d'Transferts de crédits ugeet, esou sinn dës op der Basis vum Artikel 18 vum Kontabilitéitsgesetz vun 1999 méiglech. Dir wësst dat, et erlaabt, Krediter, déi gestëmmt goufe mat engem gewëssenen Zil, anerwäerts ze benotzen, no bestëmmte Krittären a kloer definéierte Reegelen. Et ass wichteg, an do hale mer och ëmmer drop an der Budgetkontrollkommissioun, dass dat gutt motivéiert gëtt. An hei wëlle mer

nach eng Kéier drop hiweisen, dass et sech heibäi ëm eppes Spezielles handelt, well den Transfert de crédits ass am Fong eng Derogatioun par rapport zum Prinzip vum der Specialité du budget. An dofir ware mer och der Meenung, dass et hei am Fong net geet, dass ganz standardiséiert Motivatiounen gemaach gi queesch duerch déi verschidde Ministère. Dat soll schonn allkéiers eng spezifesch Begrënnung sinn, firwat déi Transferten do gemaach ginn.

D'Spezialfongen hate Recetté vu 7,9 Milliarden Euro. Dat ware 523,1 Milliounen Euro méi wéi am Budgets-projet virgesinn. D'Fongen hunn natierlech och Depensé generéiert: 7,9 Milliarde waren et fir d'Joer 2022. Dat sinn 253,1 Milliounen Euro (veuillez lire: 243,1 Milliounen Euro) méi un Depensen, wéi ugangs berechent.

Och hei betoune mer, wéi och schonn an deene vieregte Joren, dass eng Necessitéit besteet, d'Depensé vun deene verschiddene Fonge besser duerststellen, dës, fir eng méi déifgräifend Analys kënnen ze erméiglechen. D'Regierung huet jo och schonn annoncéiert, dass déi kleng Fongen deelweis ofgeschafft solle gi respektiv mat anere Fonge fusionéiert ginn. An dat ass eng Annonce, déi mer als Kommissioun begrëssen a wou mer och mengen, dass se kann zu enger Verbesserung bäidroen.

Här President, zu gudder Lescht géif ech och nach gären déi lescht Recommendation abordéieren, wou mer och scho gëschter driwwer geschwat hunn. Do geet et ëm d'Budgétisation par objectif, wou de Minister jo och am Kader vum PIBien-être zougesot huet, dass mer géifen do d'nächst Joer weiderkommen. Mir hunn als Kommissioun d'Meenung ugeholl, dass mer missten ufänken, vun enger reng quantitativer Budgetopstellung zu enger Opstellung ze kommen, déi méi op Objektiv baséiert ass. An an där Richtung hate mer jo och e gudden Echange mat der Ekip vum der OECD, déi och dorobber schafft, jo, och fir d'Regierung. An dofir, nach eng Kéier, sinn ech frou, dass mer elo zesumme kënnen an déi Richtung do goen. Dat ass och am Sënn vun den Aarbechten, déi mer an der Budgetkontrollkommissioun gemaach hunn.

Här President, deposéiert gouf de Gesetzesprojet iwwert d'Staatskonten den 21. Juni 2024 vum Finanzminister. Den 8. Oktober 2024 gouf de Gesetzesprojet der Budgetkontrollkommissioun an der Finanzkommissioun an der Chamber virgestallt. Bei där Geleeënheet gouf ech Rapporteur genannt fir dës Projet de loi. De 14. Oktober huet d'Cour des comptes hire Rapport virgestallt. Den 18. November hu mer den Avis vum Staatsrot analyséiert, dee keng Beanstandungen hat par rapport zum Gesetzesprojet iwwer d'Staatskonte vum Joer 2023.

Här President, 2023 war ekonomesch keen einfacht Joer an et ass gutt, ze gesinn – e bëssen, wéi dat bei eis Tradition ass –, dass mer aus enger Rezessioun awer relativ schnell erëm erauskomm sinn no deem komplizéierte Joer.

Discussion générale

An dann, fir kuerz d'Kap vum LSAP-Sprichter unzedoen, géif ech gäre soen, dass mer hei als LSAP dëse Compte général natierlech mat approuvéieren, well mer och net ganz onschëlleg waren um Detail vu senger Opstellung.

Voilà! An domat sinn ech zum Schluss komm vu mengem Rapport a vu menger Interventioun. Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Ech soen dem Här Fayot villmools Merci fir säi schrëftlechen a fir säi mündleche Rapport.

Dann ass déi éischt Riednerin déi honorabel Madamm Stéphanie Weydert. Madamm Weydert.

(Problème de sonorisation)

E geet elo, de Mikro.

Mme Stéphanie Weydert (CSV) | Voilà! Mikro – technesch Problemer ... Merci, Här President. Jo, ech mengen, et ass e ganz interessanten Exercice an der Budgetschrëftkommissioun, effektiv eng Kéier ze kucken, wat dann déi reell Depensen an déi reell Recettë vun engem Budgetjoer waren. Hei geet et eeben elo ëm de Kont vun 2023.

Mir waren zwar net déi ganz Zäit an der Regierung, zum Schluss schonn, awer net fir de groussen Deel vum Exercice, mee d'CSV-Fraktioun wäert dëse Kont och matstëmmen.

Merci.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Madamm Weydert. Här Arendt.

M. Guy Arendt (DP) | Merci, Här President. Ech mengen, et ass alles gesot. Mir ënnerstëtzen dat a mir wäerten och dofir stëmmen.

M. Gusty Graas (DP) | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Arendt. Madamm Tanson.

Mme Sam Tanson (déi gréng) | Jo, ech ginn och den Accord vun deene Gréngen.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Madamm Tanson.

Ech gesinn elo weider kee Riedner, dee sech gemellt huet. Dann ass et elo dës Kéier un der Regierung. Här Finanzminister.

Prise de position du Gouvernement

M. Gilles Roth, Ministre des Finances | Merci, Här President. Ech hat schonn ze fréi versicht, den Asaz ze huelen. Ech wëll awer trotzdem als Éischt dem President vun der Budgetschrëftkommissioun, dem Franz Fayot, Merci soe fir säin exzellente schrëftlechen a mündleche Rapport.

Ech hu gelauschert, wéi en am Ufank gesot huet ... vun deenen dräi Haaptsteierreinnamen, do hutt Der gesot, dass d'Kierperschaftssteuer vun de Betriber och schonn 2023 méi an d'Luucht gaangen ass, wéi se am Budget ageschat ginn ass, wat, mengen ech, zu deem Zäitpunkt ënner anerem op d'Pandemie zrëckzeféieren ass, mee och dorop, dass d'Betriber jo zënter enger Rei vu Joren déi elektronesch Deklaratiounen maachen, soudass do méi zäitno kann de Benefiss besteiert ginn.

Dat selwecht ass d'Lounsteuer. Déi huet sech 2023 natierlech positiv entwéckelt. Firwat? Well mer do dräi Indexranchen haten. Dat huet do matgespillt.

A bei der TVA, do hutt Der gesot, do wiere ronn 200 an eppes Milliounen manner erakomm wéi

ursprünglech geschat. Ech mengen, dat hätt dermat ze dinn – wat mer awer alleguerten matgedroen hunn –, dass d'TVA an deenen Tripartitt-Beschlëss jo vu 17 % op 16 % erofgesat gi war. An doduerch kennt déi Differenz.

Si hu mer gesot: „Schwätz net ze laang!“ Dat wäert ech och maachen. Duerfir ginn ech séier op déi Recommendationen an, am Telegrammstil, wann Der dat erlaabt.

Jo, de Budget pour ordre, ech weess net, ob mer dat ganz kënne aus der Budgetschrëftkommissioun eraushuelen. Well Dir wësst alleguerten, de Budget pour ordre, dat ass eppes, wat de Staat akasséiert a wat en dann erëm weidergëtt. Dat beschëft Beispill ass eigentlech den Impôt commercial, deen de Staat wuel akasséiert, mee dee weider un d'Gemeinde geet. Bon, wann een do eng Vereinfachung ka maachen, da sinn ech gäre bereit, dat ze maachen. Mee dat ass eppes, wat schonn zënter Joerzéngten an eisem Budget ass.

Richtig ass, dass ee muss kucken, dee Budget pour ordre – doduerch kommen déi Desequibleren – zäitgläich an de Joren ze bewerkstellige. Dat heescht, an deem Joer, wou d'Suen erakommen, dass een dann och kuckt, déi esou séier wéi méiglech weiderzeginn, fir dass et keng Iwwerschneidung iwwer eenzel Budgetexercice gëtt.

Dann dat mat den Transferten, do hutt Der mat Recht drop verweisen. D'Chamber kritt e Budget virgeluecht, dee se dann hoffentlech och stëmmt a wou eenzel Artikelen do sinn, an da muss natierlech dee Respekt och vis-à-vis vun dem Legislature sinn, dass, wann e gesot huet: „Mir hätte gären, dass op deem Artikel déi Depensé maximum op dee Montant limitéiert sinn“, dass ech dann net iwwer de Jeu vun Transferten dat – loosse mer soen – e bëssen aushielegen.

Et sinn effektiv 20 Fäll gewiescht 2023, wou d'Cour des comptes festgestallt huet, dass déi Transferts de crédits, déi ënner verschiddenen Ëmstänn méiglech sinn um Enn vum Joer, innerhalb vun enger eenzeler Sektion, déi kënne bewerkstelt ginn ... et sinn 20 Fäll, déi waren net genuch motivéiert. Et sinn der awer, schreibe se mer hei op, aacht manner gewiescht wéi 2022. Dat heescht, do ass awer e klengen Effort gemaach ginn.

Dann, wou ech 100 % zoustëmmen, dat ass, dass d'Spezialfongen, déi hannen an dem Budget opgelëscht sinn, an och déi eenzel Depensen ... Also, ech soen Iech als Finanzminister: Fir mech ass dat och en Dickicht! Ech verstinn och net all Zeil, déi do dran ass. Liest mol eng Kéier dat, wat bei dem Klima- an Energiefong ass! Dat ass, ech mengen, och fir Insider schwéier novollzéibar. An ech huelen dat gären op: Wann de Finanzminister et schonn net versteet, wéi sollen d'Leit dobaussen dat alles am Detail matkréien?

Mir mussen dat méi transparent maachen. An ech mengen, et kéint och ubruecht sinn, dass déi eenzel Ministeren, wa se an d'Chamberskommissioun kommen, dann en Deel vun der Presentatioun vun hirem Budget och verwenden, fir am Detail op déi eenzel Depensé vun deene Fongen anzegoen, well do bei ville Ministère eigentlech déi meeschte Suen driwwer bezuelt ginn. Duerfir huele mer dat gären op.

Dir hutt eng véiert Recommendation gemaach, wou mer ni eng richtig Eenegung oder eng richtig Léisung fannen: Dat ass déi Geschicht mat der Autorisation vun den Emprunten. Dat heescht, d'Fro ass déi: Wann eng Kéier an dem Budgetgesetz eng Empruntsautorisation ... – also an der Loi budgétaire, dat sinn déi Artikelen, déi vir stinn – drasteet, deen zum Beispill am Joer X geneemegt gëtt mat dem Vott vum Budget, da kann en am Joer X plus 1 oder X plus 2 nach ëmmer gemaach ginn, well jo eng Autorisation do gewiescht ass.

Déi Liesaart, déi de Finanzministère traditionell huet, ass déi, fir ze soen: Wa mer eng Kéier eng Autorisation hunn, da kënne mer se och weider benotzen. D'Chamber implizitt gëtt dozou och hir Zoustëmmung, well soss géif se jo soen: „Ma, da musst Der e Spezialgesetz maachen.“

Ech wëll awer och soen: An der Praxis, an enger pragmatischer Approche, vereinfacht dat och dem Direkter vum Tresor, deen nämlech d'Emprunten zitt, d'Saach méi, well en natierlech au vu vun de Konditiounen vum Marché kann decidéieren, wéini an zu wat fir engem Montant an zu wat fir enger Konditiounen en esou en Emprunt lancéiert.

Wann zum Beispill eng gënschteg Situatioun wier an d'Chamber wier net en mesure, ze tagen an der Plenië, fir esou e Spezialgesetz ofzestëmmen, da kéint do eng Opportunité eventuell am Plus oder am manner Negative verluer goen.

An Dir hat gesot, ech sollt kuerz sinn. Duerfir eng leschte Recommendation: Selbstverständlech wäert d'Chamber matagebonne gi fir déi Aarbechte vun der OCDE, fir eis Budgetschrëftkommissioun ze iwwerkucken. Dat ass Deel vum Regierungsprogramm. An dat zielt selbstverständlech, ech soen et haut nach eng Kéier, och fir de PIBien-être.

Nach eppes – an enger Minutt sinn ech fäerdeg –, dat ass d'OCDE. Ech weess, dass mir eng gewësse Retizienz haten. Firwat? Dat waren Enn der 90er-Joren déi homeresch Diskussiounen iwwer den Austausch vu Steierdonnéeën. Duerfir hu mer eis ëmmer e bësse vun deenen, loosse mer soen, net ewechgehalten, mee mir haten ëmmer eng gewësse Mefiance do géintiwwer.

D'OCDE huet awer eng extreem wichteg Roll ze spillen. Mir kommen herno nach am Pilier 2 vläicht do-robber. Mee d'OCDE spillt och eng Roll um Niveau vun deem technesche Support, dee se ka liwweren. An déi haten och eng Visitt gemaach virun dräi Woche bei eis am Ministère, wou se eis gesamt öffentlech Finanzen analyséieren.

An ech hunn eigentlech do gefrot, dass ech selwer kéint op Paräis goen – ech mengen, dat ass um Ufank vum Februar –, ech soen Iech och firwat: fir d'Individualiséierung vun der Besteuerung. Well déi hunn alleguerten déi Informatiounen, notament vun deenen nordesche Länner, déi dat schonn viru Joren oder viru Joerzéngten, notament Schweden, versicht hunn an och op dee Wee gaang sinn, déi Individualiséierung vun der Besteuerung ze maachen.

An ech krut dann och am Ministère gesot, dass mäi Virvängger, de Pierre Gramegna, selwer, mengen ech, virun enger ganzer Rëtsch vu Joren op Stockholm war, fir do méi prezis Informatiounen ze kréien. Duerfir ass d'OCDE net nëmmen do ee wichtige Partner vu Lëtzebuerg. An dat soll se och bleiwen.

Dat gesot, soen ech Iech Merci fir déi breet Zoustëmmung zu dësem Gesetz.

Une voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Minister. An domat ass dann d'Diskussioun zu dësem Projet ofgeschloss.

Mir kommen zur Ofstëmmung iwwer de Projet de loi 8403. Den Text steet am Document parlementaire 8403³.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 8403 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt elo un. De Quorum ass erreicht. Vote par procuration. An dann ass de Vott ofgeschloss.



D'Resultat vum Vott ass: 60 Jo-Stëmme bei kenger Nee-Stëmm a kenger Abstentioun. De Projet de loi ass also mat 60 Jo-Stëmmen ugeholl ginn.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par Mme Stéphanie Weydert), MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emile Eicher, Félix Eischen (par M. Laurent Mosar), Paul Galles (par Mme Nathalie Morgenthaler), Mme Françoise Kemp, MM. Marc Lies, Ricardo Marques, Mmes Octavie Modert, Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Charles Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet ;

Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering (par M. Fernand Etgen), Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt, Gusty Graas, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer et M. Gérard Schockmel ;

M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz, Francine Closener, M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Paulette Lenert (par M. Yves Cruchten) et M. Ben Polidori ;

MM. Jeff Engelen, Dan Hardy, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig ;

Mme Djuna Bernard, M. Meris Sehovic, Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum (par M. David Wagner) et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat esou decidéiert.

3. 8444 – Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2025 [...]

8445 – Projet de loi relative à la programmation financière pluriannuelle pour la période 2024-2028 (suite)

An da komme mer elo zur Ofstëmmung iwwert de Staatsbudget fir d'Joer 2025, de Projet de loi 8444. Den Text steet am Document parlementaire 8444¹³.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 8444 et dispense du second vote constitutionnel

An hei fänkt d'Ofstëmmen och elo un. De Quorum ass erreecht. Vote par procuration. An de Vott ass ofgeschloss.

D'Resultat vum Vott ass: 35 Jo-Stëmme bei 25 Nee-Stëmmen. Dëse Projet de loi ass also mat 35 Jo-Stëmme géint 25 Nee-Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par Mme Stéphanie Weydert), MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emile Eicher, Félix Eischen (par M. Laurent Mosar), Paul Galles (par Mme Nathalie Morgenthaler), Mme Françoise Kemp, MM. Marc Lies, Ricardo Marques, Mmes Octavie Modert, Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Charles Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet ;

Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering (par M. Gusty Graas), Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt, Gusty Graas, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer et M. Gérard Schockmel.

Ont voté non : M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz, Francine Closener, M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Paulette Lenert (par M. Yves Cruchten) et M. Ben Polidori ;

MM. Jeff Engelen, Dan Hardy, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig ;

Mme Djuna Bernard, M. Meris Sehovic, Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum (par M. David Wagner) et David Wagner.

Freet d'Chamber hei och d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass och dat esou decidéiert.

An da komme mer direkt zur Ofstëmmung iwwert d'Programmation financière pluriannuelle, de Projet de loi 8445. Den Text steet am Document parlementaire 8445¹¹.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 8445 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. De Quorum ass erreecht. Vote par procuration. An de Vott ass ofgeschloss.

D'Resultat vum Vott ass: Jo: 35, Nee: 25. Dëse Projet de loi ass also och ugeholl mat 35 Jo-Stëmme géint 25 Nee-Stëmmen.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par Mme Stéphanie Weydert), MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emile Eicher, Félix Eischen (par M. Laurent Mosar), Paul Galles (par Mme Nathalie Morgenthaler), Mme Françoise Kemp, MM. Marc Lies, Ricardo Marques, Mmes Octavie Modert, Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Charles Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet ;

Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering (par M. Gusty Graas), Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt, Gusty Graas, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer et M. Gérard Schockmel.

Ont voté non : M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz, Francine Closener, M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Paulette Lenert (par M. Georges Engel) et M. Ben Polidori ;

MM. Jeff Engelen, Dan Hardy, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig ;

Mme Djuna Bernard, M. Meris Sehovic, Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum (par M. David Wagner) et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat esou decidéiert.

4. 8436 – Comptes du service intérieur de la Chambre des Députés pour l'exercice 2023

Als nächste Punkt stinn d'Chamberkonte vum Joer 2023 um Ordre du jour. D'Riedezäit ass hei nom Basismodell festgeluecht an deemno follgendermoossen: De Rapporteur huet 10 Minutten, déi eenzel Fraktiounen a Sensibilitéite 5 Minutten, d'Regierung

10 Minutten. Et hu sech schonn ageschriwwen: d'Madamm Françoise Kemp, den Här Guy Arendt, d'Madamm Djuna Bernard. An elo huet den honorabelen Här Tom Weidig als Rapporteur d'Wuert an hie presentéiert eis Konten. Här Weidig.

Rapport de la Commission des Comptes

M. Tom Weidig (ADR), rapporteur | Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, a menger Fonctionnion als President vun der Kontekommission presentéieren ech heimat de Rapport vun eiser Kommission zu den interne Konte vun der Chamber. D'Roll vun der Kontekommission nom Artikel 176 vum Chambersreglement ass et, d'Konte vun der Chamber, déi vun eise Finanzservice opgestallt goufen a vum Bureau vun der Chamber guttgeheescht gi sinn, ze kontrolléieren. An dat och mat Hëllef vun engem Reviseur.

De Reviseur PKF Audit & Conseil huet d'Konte vun der Chamber fir d'Joer 2023 kontrolléiert an de 26. September 2024 e positiven Avis ginn: „D'Konten an d'Resultat op den 31. Dezember 2023 beschreiwen déi finanziell Situatioun vun der Chamber a si si konform zu den ze applizéierende Reegelen opgestallt ginn.“

D'Kontekommission huet e Rapport vun de Konte presentéiert kritt de 7. November 2024 vum Här Rychlicki, Chef vum Finanzservice, an all Member vun der Kommission hat d'Méiglechkeet, Froen ze stellen. Dëse Rapport ass eestëmmeg vun eis ugeholl ginn a läit Iech elo zur Ofstëmmung vir.

Ech wëll dem Här Rychlicki a sengem Team villmools Merci soe fir hir Aarbecht. Vu dass ech an de leschte Jore berufflech vill mat Kontabilitéit ze dinn hat, muss ech soen, datt d'Konte professionell op héijem Niveau gefouert ginn. An op all meng Froen hunn ech eng gutt Äntwert kritt.

Ech wollt nach kuerz e puer Wieder zu de Konte selwer soen.

Déi nei Finanzsoftware fonctionnéiert elo gutt a si erlaabt, gläichzäiteg de Chambersbudget wéi och d'Kontabilitéit en temps réel ze féieren, wat d'Transparenz vun de Chambersfinanze signifikant stäerkt.

De Staat huet der Chamber eng Enveloppe budgétaire vun insgesamt 59,3 Milliounen fir d'Joer 2023 zoukomme gelooss. Mat der Befreiung vu Reserven an engem Remboursement fir d'Wale louchen d'Recetté bei insgesamt 65,7 Milliounen.

Déi reell Depensé par rapport zum Budget waren 58,9 Milliounen, wat ongeféier 10 % manner wéi de Budget war.

D'Reserv ass fir den 1. Januar 2024 bei 15,4 Milliounen Euro.

D'Depensé sinn awer par rapport zu 2022 ëm 7,9 Milliounen Euro geklommen, an dat wéinst e puer Facteuren: Éischstens, d'Variatioun vum Index vu bal 6 %; zweetens, d'Schafe vun 13 zousätzlechen Aarbechtsplazen op 164 Posten; drëtzens, d'Walen, e Remboursement, Indemnités de départ; véiertens, Renovatiounsarbechte vun der Maison Gilly; a fénneftens divers IT-Projeten.

Et kommen och nei Aufgaben op d'Kontekommission zou.

Ab dem Joer 2025 kontrolléiert d'Cour des comptes d'intern Chamberskonten. Hire Rapport wäert vun der Kontekommission analyséiert ginn.

An dann ab 2026 wäert d'Cour des comptes och d'Konte vun de Fraktiounen a Sensibilitéite kontrolléieren. Dëse Rapport wäert och vun der Kontekommission analyséiert ginn.

Dësen Exercice bréngt eng besser Transparenz, mee ech hoffen, datt dat ouni onnéideg administrativ